

REÇU

Par Alf Christian, 08:49, 20/08/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. August 2020


Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premier- an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Dossier 5G kënn et Dag fir Dag zu neien Entwécklungen a neie Publikatiounen Fir méiglechst vill Kloeerheet ze kréien, wéilt ech dës Froen un d'Regierung riichten:

1. Ass d'Lëtzebuerger Regierung mat där amerikanescher Aschätzung d'accord, datt eng Gefor fir déi national Sécherheet an d'Sécherheet vun eisen Alliéierte kéint bestoen, wa systemrelevant Kommunikatiounssystemer mat Komponente vu chineschen Produzenten (a besonnesch Huawei) ekippéiert géifen?
2. Ass d'Regierung d'accord fir ze soen, datt d'Verantwortung vun den Operateuren, wat Sécherheet ugeet, op deenen hir Cliente beschränkt ass, mee datt a Froen vun der Sécherheet am Bezuch op extern militäresch, geheimdéngschtlech oder terroristesch Menacen wéi Computerattacken, Viren an Hacking, Spionage, an esou virun, d'Verantwortung primär bei der Regierung läit? Wéi eng Recommandatiounen gëtt d'Regierung an dësem Kontext den Operateuren? Wéi eng sécherheetsrelevant Bedingungen muss en Opérateur zu Lëtzebuerg erfëllen? Goufe sécherheetsrelevant Conditione fir d'Stee vu Frequenze gesat?
3. Am *Lëtzebuerger Land* vum Freideg, dem 14. August, steet, datt d'Post a leschter Minutt eng Commande vu 5G-Technologie bei engem chinesesche Fournisseur ofgesot hätt. Sollt dës Informatioun stëmmen, huet d'Regierung direkt oder indirekt op dës Entscheidung Afloss geholl?
4. Ass d'Regierung mëttel- bis laangfristeg gewëllt, zu Lëtzebuerg 5G flächendeckend anzeféieren? Bedeit dat, datt déi aktuell Handysnormen (bis 4G) als Offer hei am Land kéinte verschwannen? Bedeit dat, datt de flächendeckenden Ausbau vum Glasfasernetz net méi Prioritéit huet oder esouguer net méi ugestriewt ass? Oder garantéiert d'Regierung och bis laang an d'Zukunft Alternativen zu 5G - wéi den aktuelle 4G an e flächendeckend Glasfasernetz?
5. Brauchen déi 5G-Pläng, déi aktuell zu Lëtzebuerg envisagéiert sinn, Satellitenënnerstëtzung?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 20 août 2020

Objet : Question parlementaire n° 2691 du 19.08.2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser -
Déploiement du réseau 5G

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés